I

Positiounspabeier

Beschloss um Landeskongress 2012.1

Thema:

Ëffentlechen Transport optiméieren!

Problematik

Och wann Lëtzebuerg iwwert en ëffentlechen Transport verfügt ass dëse längst net leeschtungsfäeg genuch fir den Usprëch gerecht ze ginn. Sou feelt et un engem Gesamtkonzept fir dat ganzt Land. Et feelt u sënnvoller Streckeplanung, souwéi un engem Konzept fir de Beruffsverkéier mat Hëllef vum ëffentlechen Transport ze reegelen. Mais och nuets feelt et un Verbindungen. Ee weidere Problem stellt d'Sécherheet duer an den Zich a Bussen, souwéi an der Ëmgéigend vu Garen a Bushaltestellen

Prinzipie vun der Piratepartei

Jidderee sollt och mobil kënne sinn ouni den Auto benotzen ze mussen.

Fuerderungen

- Ausbau vum Schinnen- a Busnetz, dat et och den Employéeën aus den Nopeschlänner erlaabt mam ëffentlechen Transport hir Aarbechtsplaz ze erreechen
- Geschoult Personal, dat fir Sécherheet an Zich a Busser, souwéi op Gare suergt
- Innerstädtesche Verkéier haaptsächlech duerch ÖPNV reegelen, deelweis autofräi Zone schaaffen
- Präisgestaltung, déi d'Ëmklammen op den ëffentlechen Transport interessant mëscht
- Gezielt wichteg Strecke regelméisseg analyséiere fir sécherzestellen, dass de Verkéier beschtméiglechst un d'Wënsch vun de Clienten ugepasst gëtt
- Grouss Park&Ride-Flächen u strategesch sënnvolle Plaze schaaffe fir sou eng direkt Ubannung zum ëffentleche Verkéier ze erméiglechen